



Wann dës Trap verziele kënnt

Heinsdo sëtzen ech summesch iwwer op der Terrass vum Café "beim Renert". Do hunn ech déi breet Trap mat de Léiwe viru mer, an 't gi mer, ob ech wëll oder net, honnert Saachen duerch de Kapp.

Wuel net op dëser Terrass, mä um éischte Stack am Haus niewendrun, stoung mäi Schreifdësch, a lo denken ech "t ass bal net ze gleewen, datt dat well zéng Joer hier sinn!"

Et kënnt mer ëmmer vir, wéi wann déi zwéi Léiwe muenches verziele missten, well d'Trap, op där se stinn, ass där hondsgewéinlecher keng.

D'Léiwen haten ëmmer an hunn haut nach eng Engelsgedold. Zanter datt ech weess, gesäit ee Kanner op hinnen turnen, Freiesche sëtzen sech op se, fir geknipst ze ginn, an an deene leschte Jore schéissen ëmmer méi Japaner op si Dauerfeier aus hire japanesche Fotoapparaten.

Op där Trap do ass Geschicht geschriwwen ginn, där enger an där anerer. Wéi d'Land onofhängeg gouf, stoung de Lentze Méchel op den Träppleken an huet de Lëtzebuerger säi fonkelneie "Feierwon", eis éischt "Nationalhymn" virgesongen. Hei hunn eng éischte Kéier an duerno nach méi dacks -zeg Dausende vun Aarbechter d'Fauscht gehuewen; o, déi Trap huet souguer fir e puer Stonnen eng gellech "Republik" erlieft, awer och e puer Joer laang missen erdroen, datt op hir Nazistiwwele rëmgeknuppt hunn.

Op där selwechter Trap hunn och kleng a schwaach Gruppe vu Leit hir Rechter reklaméiert oder hirem lenger fräie Laf gelooss: Theaterleit, déi géint d'Zensur protestéiert hunn, Leit am Rollstull, déi bei deenen héijen Träppleken a virun deene verstackte Léiwe mat hirem aarm-séilege Gefier um Enn waren.



Antoine Davito

"... a wann nei Politiker séngerliewen op d'Iddi kommen, fir nees e Sprangbierchen op de Knuedler ze bauen, dann ass och net méi gewousst, datt dat well deen drëtte wier."



9. Oktober 1973
Théo Mey

Generatioune vu Politiker sinn dës Trape ropgeklommen, heinsdo souguer ropgefall, mä och alt mol séier rof. Generatioune vu Journalisten hunn dësse Politiker bannen am Stadhaus nogelauschert an alles opgeschriwwen. A méi wéi ee vun hinnen huet missen erliewen, datt op eemol dësen oder dee Journalistekolleg net méi bei him op der Journalistebänk, mä vir op engem Konzelljees- oder uewen op engem Schaffestull souz. An dann huet méi wéi een sech gesot "du alen lesel sëtzt well fir d'fënnefanzwanzegst hei, d'Budgetsdebatten ze "couvréieren" oder déi schrecklech Prozedur vun de Léierpersonalnominatiounen ofzesetzen, an aner Kollege maache Carrière".

Aus menger Redaktionsfënster hat een en Ausbléck, fir deen aner Zeitongen ee beneide konnten; en Ausbléck net nëmmen op déi grouss fräi Plaz an op d'Kathedralstierm, mä och op d'Léiwen an d'Gemengentrap, an 't ass engem kees entgaangen, wann sech do eppes Gréisseres gedoen huet.

Et gesouch een all déi wäiss an och net wäiss gekleete Meedercher, déi mat hire Bräitchemänner aus den Hochzäitskutsche geklommen an d'Träppleke ropgeknéchtelt sinn.

D'Léiwen hunn ni e Laut vun sech ginn, mä vläicht wëssen si, wéivill oder wéi wéineg Gléck vun all deene Glécksdeeg iwreg blouf.

Et gesouch ee feierlech Rolls-Royce-Karawanen op de Kuedler fueren an héich auslännesch Gäscht rausklammen. Mä wann een e puer Oldtimeren erbléckst huet, déi iwwer an iwwer mat Blumme gerëscht waren, dann huet ee séier gewousst: Dat sinn d'Gäertner aus der Fiacrius-Bruderschaft, an 't ass Vältesdag, an d'Politiker kréien hire Bucki.

Ech gesouch och Joer fir Joer, wann se de Mäertchen opgericht hunn, an de Bléck op d'Knuedlertrap verspaart war; wann et bal all Joer déi zwou Woche laang gereent a gefisemt huet, an de Geroch vun de Fritten a Fësch a Gromperekicheler sech duerch d'oppen an zoue Redaktionsfënstere gequëtscht huet. Da war ee frou, wann d'Gemengentrap mat der Schmierseef koumen an de Paweesteng nees d'Fett ofgeschruppt hunn.

An et gesouch een all Juni, wann se fir den National-Feierdag net nëmme kéipweis routwäiss-blo Fuendelen, mä och freeschlech Kiosken opgericht hunn, aus deenen herno, dat heescht an deene Stonne virum grouse Freedefeier, aus zwanzeg Boxe méi wéi honnert Dezibel infernal Geräischer koumen, vun deenen déi Jonk behaupten, 't wier Musek. Um Knuedler kann een sech dee Kaméidi jo leeschten: d'Nerve vun de Léiwe sinn der wéi Wisbamsseeler, a Leit wunne souwisou keng méi um Knuedler.

Et gouf eng Zäit, du konnt et engem fir Trap a Léiwe baang sinn: Deemools, wéi se wéinst dem ënnerierdesche Parking de Knuedlerpatren hir Schanken a Säck gemaach an d'Maschinen sech ëmmer méi déif an de Fiels gefriess hunn. D'Trap hong an der Luucht, hätt ee gemengt, an d'Léiwe stéingen um allerleschte Wippchen, fir net an dat gräisslecht Lach ze falen.

D'Kanner, déi haut op de Léiwen turnen, wëssen näischt méi vun deem Schantjen, a wann nei Politiker sengerliewen op d'Iddi kommen, fir nees e Sprangbierchen op de Knuedler ze bauen, dann ass och net méi gewousst, datt dat well deen drëtte wier. Héchstens d'Léiwe géifen da gären de Kapp rëselen, mä dat hat den Trémont hinne vun Ufank u verbueden.

Josy Braun



Bruno Baltzer

"Um Knuedler kann een sech dee Kaméidi jo leeschten: d'Nerve vun de Léuwe sinn der wéi Wisbamsseeler, a Leit wunne souwisou keng méi um Knuedler."

Guy Hoffmann

